ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Op Ufro vum franséischen Agrikultur-Ministère ass d'*Agence nationale de sécurite sanitaire* (Anses) beoptraagt ginn, d'Geféierlechkeet vu den eenzelen Hondsrassen ze determinéieren. Aus dëse Beméiungen ass ervirgaangen, datt d'Rass vum Hond net exklusiv op eng méiglech Gefor schléisse léisst:

*"L'Anses, qui a examiné l'ensemble des facteurs à considérer pour évaluer le risque de morsure, conclut que* ***ce risque ne peut se fonder de manière fiable sur la seule race ou le type racial du chien****."*

Et wär deemno esou, datt eng ganz Partie aner Faktoren, ewéi z.B. den Alter, d'Erzéiung an d'Gesondheet vum Hond - awer och d'Verhalen an den Alter vum Hondsbesëtzer - drop schléisse kënne loossen, wéi grouss de Risiko duerch eng Aggressioun vum Hond ass. A menger parlamentarescher Fro N°2541 aus dem Joer 2016 geet ervir, datt Lëtzebuerg siwen Hondsrassen (dovun och dräi Kräizungen) als geféierlech astuuft. Dëst sinn déi sougenannte Lëschtenhënn, fir déi de Besëtzer eng speziell Ausbildung brauch.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Hunn sech zanter 2016 rechtlech Dispositioune geännert am Hibléck op de Besëtz vu potentiell geféierlechen Hënn?
2. Wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus der uewe genannter Etüd vun der ANSES?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten